# Wéi ILRES S.A. Är Telefonsnummer benotzt

## Kontext vum Benotze vun Ärer Telefonsnummer

ILRES S.A. ass eng Maart- a Meenungsfuerschungsentreprise. Fir hir Aktivitéit duerchzeféieren, muss si eng grouss Unzuel vu Persoune mat den ënnerschiddlechste Profiller kontaktéiere kënnen, fir ze ze invitéieren, bei de multithemateschen Ëmfroe matzemaachen, déi ILRES S.A. fir sech selwer oder fir hir Clientë realiséiert.

Fir dës Kontakter hierzestellen, gi verschidde Mëttel agesat, wéi beispillsweis d'Benotze vun den E-Mail-Adresse vun hire MyPanel-Memberen, d'Kreatioun vun Online-Portaler, där hiren Zougang verëffentlecht gëtt, perséinlech Ëmfroen, déi op der Strooss oder bei de Participanten doheem ugebuede ginn, souwéi de Kontakt per Telefon. Dës verschidde Mëttel ginn a Funktioun vun de spezifesche Besoinen a Contraintë vum jeeweilegen Ëmfrooptrag separat oder kombinéiert ugewannt.

ILRES S.A. beméit sech, dat oder déi Mëttel fir d'Kontaktopnam ze wielen, déi esou wéineg intrusiv wéi nëmme méiglech sinn a gläichzäiteg déi erfuerderlech Ziler erreechen, wouzou genuch Interviewen, zouverlässeg a repräsentativ Resultater souwéi d'Berücksichtegung vun de Besoinen u finanzielle Mëttel vun hire Clienten zielen. Beispillsweis ass et net ubruecht, just nëmmen en E-Mail-Kontakt oder en Online-Portal fir eng Etüd ze benotzen, fir déi d'Meenung vu Persoune mat wéineg oder guer kengem Internetzougang anzehuelen. Genee esou kann eng Ëmfro, bei där Biller oder Videoe gekuckt musse ginn, logescherweis net per Telefon duerchgefouert ginn.

De Kontakt iwwer Telefon ass oft en onerlässlecht Mëttel, fir e repräsentativen Echantillon fir eng Ëmfro ze kréien, well en erlaabt, déi gréisst Majoritéit vun de potenzielle Participanten ze erreechen an deenen domat d'Méiglechkeet gëtt, sech ze den Themen ze äusseren, déi an den Ëmfroe vun ILRES S.A. behandelt ginn.

Dëst Informatiounsblat explizéiert, wéi ILRES S.A. dës telefonesch Kontakter op eng Aart a Weis organiséiert, déi d'Rechter vun de betraffene Persoune respektéiert.

## Wéi ass ILRES S.A. un Är Telefonsnummer komm, wéi benotzt si se a firwat?

### I. Är Telefonsnummer gouf generéiert an dann nom Zoufallsprinzip gewielt

Am Allgemenge besteet d'Aufgab vun ILRES S.A. dran, e breede Spektrum vu Persounen dozou ze invitéieren, sech am Kader vun den Ëmfroen ze äusseren, fir esou e méiglechst geneet Bild vun der allgemenger Meenung ze kréien. An anere Wierder: Jiddwer Persoun muss déi selwecht Chance fir matzemaachen hunn an dofir gëtt net recommandéiert, op Telefonsbicher zeréckzegräifen, well nëmmen een Deel vun der Bevëlkerung dra steet an esou eng Kontaktdatebank deemno verfälscht wier.

Fir dës Verfälschung ze begrenzen, generéiert ILRES S.A. Telefonsnummeren per Computer mat der „Random Digit Dialing“-Technik. Bei döser Technik ginn Telefonsnummeren aus existente Wuerzelen erstallt, d. h. déi éischt zougewisen Ziffere ginn esou iwwerholl, wéi se beispillsweis vum Lëtzebuerger Reguléierungsinstitut (ILR) veréffentlecht ginn, an alleguerten déi méiglech Nummerekombinatioune vun deene reschtleche véier bzw. sechs Ziffere gi generéiert.

Deen Nummerefichier, deen dobäi erauskënnt, gëtt sortéiert, just fir net zougewisen an net méi benotzten Nummeren ze eliminéieren. Dësen Tri geschitt entweder duerch d’Wiele vun all eenzeler Nummer iwwer de Computersystem oder iwwer en Ubidder vun HLR-Servicer (Home Location Register Lookup).

Duerno gëtt dëse Fichier benotzt, fir nom Zoufallsprinzip eng Unzuel vun Telefonsnummeren erauszezéien, déi bei all Ëmfro gewielt ginn, fir op dës Manéier déi Persounen ze kontaktéieren, déi invitéiert ginn, fir bei der Ëmfro matzemaachen.

ILRES S.A. kennt also net d’Identitéit vun de Persounen, deenen dës Telefonsnummeren zougewise goufen, an si sammelt dës Informatiounen net, fir hir telefonesch Ëmfroen duerchzefeieren, ouni se direkt bei der betraffener Persoun unzefroen an hir virdrun ze erklären, firwat si dës Informatioun gär hätt.

Als Géigeleeschtung a fir d’Recht vun all Mënsch, net duerch dës Kontaktopnam derangéiert e ginn, ze respektéieren, huet jiddwer telefonesch kontaktéiert Persoun d’Méiglechkeet, den Interviewer vun ILRES S.A. drëms ze bieden, datt hir Nummer net méi fir telefonesch Ëmfroe benotzt gëtt. An dësem Fall freet den Interviewer no der betreffender Telefonsnummer, fir se op déi schwaarz Lëscht vun ILRES S.A. ze setzen, fir datt se net méi gewielt gëtt. Déi op dës Manéier iwwermëttelt Nummer bleift op onbestëmmt Zäit op döser schwaarzer Lëscht stoen, well opgrond vum Verfaren, no deem déi Nummere generéiert a benotzt ginn, ass dat déi eenzeg Méiglechkeet, fir esou enger Demande nozekommen. Effektiv, wann ILRES S.A. déi Telefonsnummer läsche géing, kéint net ausgeschloss ginn, datt déi nämmlecht Nummer op en Neits generéiert gëtt.

Obwuel ILRES S.A. d’Identitéit vun de Persounen, deenen déi Telefonsnummeren zougewise sinn, net kennt, ginn dës Telefonsnummeren als **perséinlech Donnéeë** betruecht, well d’Telefonsoperateuren an héchstwarscheinlech och aner Persounen dës Identitéit kennen:

a) <u>Finalitéit a rechtlech Grondlag vun dësem Traitement</u>

D’Finalitéit vum Traitement vu perséinlechen Donnéeën, deen dra besteet, dës Telefonsnummeren ze generéieren, ze sortéieren, ze späicheren an ze wielen, ass, datt ILRES S.A. iwwer déi fir d’Duerchféierung vun Telefonsëmfroen erfuerderlech Kontaktdatebank verfüügt.

Dësen Traitement ass rechtlech justifiéiert, well en néideg ass fir dem berechtegten Interessi vun ILRES S.A. Rechnung ze droen, iwwer déi fir d’Ausübung vun hirer Geschäftstätegkeet onerlässlech Outilen ze verfügen, ze deenen och eng Datebank mat Telefonskontakter zielt.

b) <u>Traitéiert Donnéeën</u>

ILRES S.A. traitéiert ausschliisslech déi vun hir selwer generéiert Festnetz- an Handysnummeren.

Trotzdeem an ënnert der Viraussetzung, datt déi betraffe Persoun dem Transfert vun dësen Informatiounen am Kader vun engem Telefonsinterview zoustëmmt, späichert si bestëmmt mat der Telefonsnummer verknäppt demografesch Informatiounen (Wunngemeng vum User, Geschlecht, Nationalitéit, ob d'Persoun beruffstäteg oder pensionéiert ass, ...). Heibäi handelt et sech ëm Informatiounen, déi keng bestëmmt Persoun identifizéiere kënnen, déi awer erfuerderlech sinn, fir stratifiéiert Ëmfroechantillonen ze erstellen, d. h. Echantillonen, déi duerch déi zoufälleg Wiel vun Nummeren aus Gruppen zesummegestallt ginn, déi deenen demografesche Kategorien entspriechen. Sou muss beispillsweis séchergestallt kënne ginn, datt den Echantillon vun den Nummeren, déi fir d'Ëmfro gewielt ginn, genuch Nummeren enthält, déi am Norde vum Land vu beruffflech aktive Persoune mat lëtzebuergescher Nationalitéit benotzt ginn. Dank dëser Echantillonagemethod kann ILRES S.A. repräsentativ Ëmfroresultater erreechen.

c) <u>Kategorie vun Empfänger</u>

ILRES S.A. deelt dee vun hir generéierten Nummerefichier mat kengem, ausser ganz punktuell, a just fir Handysnummere mat engem HLR-Déngschtleeschter (Home Location Register Lookup). Dësen Déngschtleeschter huet d'Aufgab, net zougewisen an net méi benotzt Nummeren aus dëser Lëscht erauszehuelen. ILRES S.A. stellt vertraglech sécher, datt dësen Déngschtleeschter déi betreffend Nummeren ausschliisslech benotzt fir se ze sortéieren an se aus senge Fichiere läscht esoubal hien déi Aufgab erfëllt huet.

d) <u>Späicherdauer</u>

ILRES S.A. späichert dës Nummeren an déi eventuell domat verknäppt demografesch Informatioune wärend der Dauer vun hirer Geschäftstätegkeet entweder an hirer Kontaktdatebank oder op der schwaarzer Lëscht. Demografesch Informatiounen, déi mat enger op déi schwaarz Lëscht gesaten Nummer verknäppt sinn, gi geläscht, esoubal déi Nummer op déi schwaarz Lëscht gesat gëtt.

e) <u>Rechter vun de betraffene Persounen</u>

Si hunn déi follgend Rechter:

- D'Recht op Zougang zu den Donnéeën, déi Iech betreffen an eng Kopie dovunner ze kréien, d. h. an dësem Fall, ILRES S.A. ze froen, ob Är Nummer an hirer Telefonsdatebank enthalen ass an ob demografesch Informatioune mat hir verknäppt sinn.
- D'Recht op Berichtegung, d. h. ILRES S.A. ze bieden, déi mat Ärer Nummer verknäppt demografesch Informatiounen ze korrigéieren.
- D'Recht op Aschränkung vum Traitement:, d. h. ILRES S.A. ze bieden, den Traitement auszesetzen, bis d'Donnéeën iwwerpréift kënne ginn.

- D’Recht, dem Traitement. ze widderspriechen: Jiddwer Persoun, déi telefonesch kontaktéiert gëtt, huet d’Recht, ze verlaangen, datt ILRES S.A. si net méi fir Ëmfroen urifft; an dësem Fall gëtt déi Nummer op déi schwaarz Lëscht gesat an net méi gewielt. Dës Demande kann direkt un de Interviewer vun ILRES S.A. geriicht ginn, deen urifft, virausgesat, Dir deelt him déi Nummer mat, déi net méi benotzt soll ginn. Aus Grënn vun der Confidentialitéit vun den Interviewe gesäit den Interviewer nämlech d’Nummer vu senge Gespréichspartneren net, soudatt hien si net op déi schwaarz Lëscht setze kann.
- D’Recht op Läsche vun den d’Donnéeën: Wéi schonns erwäänt ka fir de Fall, datt ILRES S.A. déi Iech zougewisen Telefonsnummer läscht, net ausgeschloss ginn, datt déi selwecht Nummer op en Neits generéiert gëtt. Dofir muss ILRES S.A. dës Nummer op der schwaarzer Lëscht späicheren a kann se dowéinst net läschen, fir Ärer Demande nozekommen, net méi fir Ëmfroe kontaktéiert ze ginn (Widdersprochsrecht).
Sollten awer demografesch Informatioune mat Ärer Nummer verknäppt sinn, ginn dës gläichzäiteg mat der Opnam vun der betreffender Nummer op déi schwaarz Lëscht geläscht.
- Well den Traitement op der Grondlag vum berechtegten Interessi vun ILRES S.A. realiséiert gëtt, fënnt d’Recht op Portabilitéit vun den Donnéeën an dësem Fall keng Uwendung, d. h., Dir kënnt ILRES S.A. net opfuerderen, déi Donnéeën, déi hir iwwer Iech virleien, direkt un en anere Responsabele weiderzeleeden. An dësem Zesummenhang ass ze bemierken, datt ILRES S.A. am Kader vun dësem Traitement just iwwer d’Telefonsnummer a méiglecherweis e puer demografesch Informatiounen, déi keng Identifikatioun erlaben, iwwer déi Persoune verfüügt, déi se benotzen, ouni deenen hir Identitéit ze kennen.
- Well den Traitement net op der Grondlag vun Ärem Accord, deen Dir am Virfeld ginn hutt, realiséiert gëtt, hutt Dir ausdrécklech kee Recht, en Accord fir dësen Traitement zeréckzezéien. Trotzdeem kënnt Dir vun deem uewe beschriwwene Widdersprochsrecht Gebrauch maachen, esoubal ILRES S.A. Iech déi éischte Kéier telefonesch wéinst enger Ëmfro kontaktéiert, oder esouguer zu engem spéideren Zäitpunkt, wann Dir schonns bei enger oder e puer telefoneschen Ëmfroe participéiert hutt. Weiderhi kënnt Dir d’Participatioun bei enger Ëmfro och refuséieren, well Iech beispillsweis d’Thema vun der Ëmfro net interesséiert, ouni drëm ze bieden, Är Telefonsnummer op déi schwaarz Lëscht ze setzen, an Iech domat d’Méiglechkeet fräihalen, un aneren Ëmfroen deelzehuelen.
- D’Recht op Reklamatioun: Sollt Dir der Meenung sinn, datt ILRES S.A. Är Rechter am Bezuch op den Traitement vun Äre perséinlechen Donnéeën net respektéiert, kënnt Dir eng Reklamatioun bei enger Kontrollautoritéit areechen. Fir Lëtzebuerg ass dës Kontrollautoritéit déi national Dateschutzkommissioun (https://cnpd.public.lu).

**II. D‘Nummeren„ déi gewielt solle ginn, goufen ILRES S.A. vun engem Client matgedeelt**

ILRES S.A. féiert och Ëmfroen op der Grondlag vun engem Kontaktfichier duerch, deen si vun hire Clienten zur Verfügung gestallt kritt, well déi betreffend Clientë wëllen, datt dës Nummere kontaktéiert ginn, fir seng Ëmfro duerchzeféieren.

Fir dës Zort vun Ëmfro deelt de Client ILRES S.A. natierlech eng Telefonsnummer mat, déi ugeruff soll ginn, awer an der Reegel och den Numm, de Virnumm an d’Geschlecht vun der

Persoun, déi befrot soll ginn. Dës Angabe brauchen d'Interviewer vun ILRES S.A., fir sécherzestellen, datt si mat der richteger Persoun schwätzen, besonnesch wann et sech ëm eng Festnetznummer handelt, déi vun alle Familljemembere gemeinsam benotzt gëtt.

An esou Fäll verlaangt ILRES S.A. vun hirem Client, datt hien déi betreffend Persounen am Virfeld iwwer déi méiglech Verwendung vun hirer Nummer an hire Kontaktdonnéeën informéiert. Ausserdeem soen d'Interviewer vun ILRES S.A. direkt am Ufank vum Interview, wéi si un dës Nummer komm sinn.

ILRES S.A. benotzt déi vun hire Clienten zur Verfügung gestallt Lëscht mat den Nummeren a Kontaktdonnéeën ausschliisslech fir déi Ëmfro duerchzeféieren, mat där si beoptraagt gi sinn, wat bedeit, datt si dës Lëscht fir keng aner Ëmfro benotzen an dass dës Lëscht nom Ofschloss vun der Ëmfro aus hire Fichiere läscht.

**III. Falls et sech ëm eng Nummer handelt, déi enger juristescher Persoun zougewise gouf, an ofgesi vun deenen zwee uewen ënnert a) a b) genannte Fäll, huet ILRES S.A. dës Nummer vun engem professionellen Ubidder vun Telefonsbicher kritt.**

Verschidden Ëmfroe verlaangen, datt ausschliisslech Entreprisë kontaktéiert ginn. An deem Fall beschaaft sech ILRES S.A. d'Nummere vun de juristesche Persounen (Entreprisen) bei professionellen Ubidder vun Telefonsbicher.

## Wéi Dir ILRES S.A. kontaktéiere kënnt

ILRES S.A.
Gesellschaftssëtz: Atrium Business Park, 41, rue du Puits Romain, L-8070 Bertrange
Telefon: +352 499291
https://www.ilres.com

ILRES S.A. huet en Dateschutzbeoptraagten ernannt, deen Dir per E-Mail op DPO@ilres.com oder op dëser Adress kontaktéiere kënnt :

Adress : ILRES S.A., Atrium Business Park, 41, rue du Puits Romain L-8070 Bertrange
Telefon: +352499291

Fir weider Informatiounen iwwer déi am Kader vun den Telefonsinterviewen gesammelt perséinlech Donnéeë verweise mir op d'„Richtlinne vun ILRES S.A. fir den Traitement vu perséinlechen Donnéeë bei Telefonsinterviewen", déi Dir ënnert https://www.ilres.lu/ consultéiere kënnt.